PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

An de leschte Jore goufen et vill Diskussiounen doriwwer, dass d'Police méi Personal brauch, fir sengen Aufgabe kënne gerecht ze ginn. Resultat vun dëser Diskussioun war, dass eng Rekrutement-Offensiv gestart gouf, fir iwwert déi nächste Jore ronn 200 nei Polizist:innen pro Joer anzestellen. Et geet allerdéngs net duer, fir nei Leit anzestellen, mee de Groussdeel vum Personal soll der Police och erhale bleiwen. Dat erreecht een am Beschte mat attraktiven Aarbechtskonditiounen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi vill Leit hunn d'Police Grande-Ducale fräiwëlleg zënter 2018 verlooss,
    - opgelëscht pro Joer?
    - opgelëscht pro Service?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten